N°2812
Entrée le 13.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, vum Minister fir Wirtschaft, Mëttelstand, Energie an Tourismus, Lex Delles, vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2812 vum 27. August 2025 vun der éierbarer Deputéiert Alexandra Schoos**

1. **Wéi vill Notairesakten si vun 2020 bis 2024 fir de Verkaf vu bestoende Logementer ënnerschriwwe ginn? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?**
2. **Wéi vill Notairesakten si vun 2020 bis 2024 am VEFA-Beräich ënnerschriwwe ginn? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?**

Äntwerten op d'Froen 1 an 2

Tëscht 2020 an 2024 goufe 76.794 Notairesakten fir Immobilien bei der Enregistrementsverwaltung enregistréiert. Dovunner sinn am ganzen 32.529 Notairesakte fir de Verkaf vu bestoende Logementer an 11.276 Notairesakten am VEFA-Beräich enregistréiert ginn.

An der éischter Hallschent vum Joer 2025 waren et 7.366 Notairesakten fir Immobilien, 4.193 Notairesakte bei bestoende Logementer a 757 am VEFA-Beräich, déi enregistréiert goufen. Ee Plus vu 112,6% fir VEFA-Verkeef déi éischt 6 Méint 2025 am Verglach zu den éischte 6 Méint 2024 (356).

D'Zuel vun den Notairesakten op déi eenzel Jore verdeelt präsentéiert sech follgendermoossen:

| | **Zuel vun Notairesakten fir Immobilien** | **Zuel vun Notairesakte fir bestoend Logementer** | **Zuel vun Notairesakte fir VEFA** |
|---|---|---|---|
| **2020** | 17.747 | 7.371 | 3.733 |
| **2021** | 19.201 | 7.758 | 3.332 |
| **2022** | 16.607 | 6.670 | 2.305 |
| **2023** | 11.249 | 4.305 | 814 |
| **2024** | 11.990 | 6.425 | 1.092 |
| **2025 (1.1.2025 bis 30.6.2025)** | 7.366 | 4.193 | 757 |

N.B. een Notairesakt ka méi Transaktioune beinhalten.

3. **Wéi vill Baugeneemegunge sinn 2020 bis 2024 jeeweils vu Privatleit fir den Eegebedarf respektiv fir ze investéieren, a wéi vill vu Betriber gestallt ginn? Wéi vill goufen der all Kéiers accordéiert? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?**

Am Tableau hei drënner sinn d'Zuele vum STATEC zu de Baugeneemegungen déi all Joer accordéiert goufen. Et ass net vum STATEC gewousst wéi vill Baugeneemegungen ugefrot goufen an et ass och

keng Differenzéierung tëschent Privatleit a Betriber méiglech. Et sief drop higewisen datt net ëmmer aus all Baugeneemegung eng Constructioun gëtt.

| Joer | Gebaier | Logementer | Trans-formatiounen | Modifikatiounen | Demolitiounen | Aner Geneemegungen |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **2020** | 2552 | 5112 | 4976 | 505 | 387 | 2723 |
| **2021** | 2702 | 6105 | 5715 | 698 | 372 | 3129 |
| **2022** | 2414 | 4709 | 5351 | 693 | 318 | 2697 |
| **2023** | 1763 | 4458 | 7215 | 649 | 259 | 2261 |
| **2024** | 1481 | 4025 | 12223 | 568 | 205 | 2279 |
| **Januar bis Juni 2025** | 768 | 1579 | 5142 | 128 | 101 | 1150 |

Quell : STATEC

4. **Wéi vill Leit schaffen aktuell nach insgesamt am Bausecteur, verdeelt op wéi vill Betriber? Kann d'Regierung d'Zuel vun de Faillitten, souwéi den Neigrënnunge vun de Betriber am Bausecteur wärend de Joren 2020 – 2024 presentéieren a jeeweils no Kleng-, Mëttel a Groussbetriber differenzéieren? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?**

Déi 4 Tableauen hei drënner berouen op Donnéeë vum STATEC a bezéien sech op d'Betriber aus der Sektioun F „Construction" vum NACE-Code.

| | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
|---|---|---|---|---|
| **Unzuel vu Betriber (NACE F)** | 4 233 | 4 496 | 4 569 | 4 967 |
| Unzuel vun Aarbechtsplazen (NACE F) | 50 270 | 51 621 | 52 913 | 52 357 |

| **Betribsneigrënnungen (NACE F), no Unzuel vu Salariéen** | **Total** | **0 Salarié** | **1-9 Salariéen** | **10+ Salariéen** |
|---|---|---|---|---|
| **2023** | 306 | 184 | 121 | 1 |
| **2022** | 427 | 256 | 165 | 5 |
| **2021** | 431 | 197 | 230 | 4 |
| **2020** | 377 | 222 | 145 | 10 |

Et sief drop higewisen, datt d'Unzuel vu Salariéë vun engem Betrib bei der Grënnung vum Betrib generell ganz geréng ass.

| **Faillitten, NACE F – « construction »,<br><br>no Unzuel vu Salariéen** | **Total** | **0 Salarié** | **1-9 Salariéen** | **10+ Salariéen** |
|---|---|---|---|---|
| **2023** | 160 | 47 | 85 | 28 |
| **2022** | 117 | 28 | 69 | 20 |
| **2021** | 120 | 22 | 73 | 25 |
| **2020** | 110 | 43 | 54 | 13 |

| | **2024Q1** | **2024Q2** | **2024Q3** | **2024Q4** | **2025Q1** | **2025Q2** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Neiimmatrikulatioune vu Betriber (NACE F)**<br><br>*Provisoresch Zuelen* | 58 | 57 | 55 | 40 | 67 | 32 |
| **Faillitten (NACE F)** | 65 | 34 | 42 | 59 | 49 | 39 |

Wat d'Ausstelle vun Handelsermächtegunge vum Wirtschaftsministère fir d'Constructioun - also vun autorisations d'établissement an der Rubrik „Métiers de la construction et de l'habitat - ugeet, ass am Tableau hei drënner duergestallt wéi vill Autorisatiounen ausgestallt goufen. Et ass ze bemierken datt eng Entreprise ka méi Autorisatiounen hunn, dofir ass och duergestallt wéi vill Entreprisen op mannst eng Autorisatioun kruten.

| **Joer** | **Unzuel vu Betriber déi op mannst 1 Autorisatioun aus der Rubrik „Métiers de la construction et de l'habitat" kritt hunn** | **Ausgestallten Autorisatiounen an der Rubrik „Métiers de la construction et de l'habitat"** |
|---|---|---|
| **2020** | 1724 | 1817 |
| **2021** | 1626 | 1750 |
| **2022** | 1723 | 1828 |
| **2023** | 1679 | 1791 |

| | | |
|---|---|---|
| **2024** | 1827 | 1935 |
| **2025 (bis August abegraff)** | 931 | 982 |

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch